N°100
Entrée le 10.01.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Égalité des genres
et de la Diversité

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gläichstellung an Diversitéit, Yuriko Backes op d'parlamentaresch Fro N° 100 vum 13. Dezember 2023 vun den honorabelen Deputéiert Sven Clement a Ben Polidori**

**1. Goufen 2021 an 2023, esou wéi et geplangt war, extern Evaluatiounen an Optrag ginn?**

Déi éischt Tëschenevaluation vum nationalen LGBTI Aktiounsplang war 3 Joer nom Ulafe virgesinn, dat heescht ab Juli 2021. De Familljeministère, deen deemools zoustänneg vum Dossier war, huet am Februar 2022 e Kontrakt mat der Universitéit Lëtzebuerg ënnerschriwwen. Dës Aarbechten hu bis Enn 2023 gedauert, esou dass déi zweet Evaluatioun nach net an Optrag gi gouf.

**2. Wien huet den Optrag/ d'Opträg erhalen, wéi vill hunn se kascht a wou sinn d'Aarbechten un den externen Evaluatiounen drun?**

Den Optrag un d'Uni Lëtzebuerg bezitt sech op d'Budgetsjoren 2022 an 2023, an huet insgesamt 110.477,40€ kascht (94.890 HTVA). Déi lescht Validatioune sinn am Moment um Lafen.

**3. Sinn d'Resultater vun den/der Evaluatioun(en) der Regierung schonns iwwermëttelt ginn? Falls jo: Kann d'Regierung d'Haaptresultater skizzéieren an opléschten, wéi eng Gelder konkret fir d'Ëmsetzung vum Plan d'action national pour la promotion des droits des personnes LGBTIQ ausgi goufen an u wien se gaange sinn?**

D'Resultater vun der Evaluatioun leien nach net ofschléissend vir.

Den Tëschebilan besteet aus zwee Deeler. Op där enger Säit gouf mat all de Ministère gekuckt, wéi eng vun den 93 Aktioune vum Aktiounsplang schonn ëmgesat goufen, aus wéi enge Grënn déi aner Aktiounen nach net ëmgesat goufen a wéi den Zäitplang fir dës Aktiounen ausgesäit. E groussen Deel vun den Aktioune sinn an der Ëmsetzungsphas oder konnte schonn ofgeschloss ginn. Op där anerer Säit gouf analyséiert, wéi eng nei Prioritéiten, Zilgruppen, Ziler an Aktiounen an de Plang sollen opgeholl ginn. Hei war den Optrag fir op d'Zivilgesellschaft an op d'Mënscherechtsinstitutioune duer ze goen, fir a Gespréicher nei Prioritéite fir de Plang ze identifizéieren.

De Ministère fir Gläichstellung an Diversitéit koordinéiert zënter dem Regierungswiessel d'Politik am Beräich LGBTIQ+. Am Ganze sinn 10 Ministèren an eng ganz Rei aner Organisatiounen an Acteuren um Terrain aktiv un der Ëmsetzung vun de verschiddenen Aktioune bedeelegt. Aus dësem Grond gëtt et keng detailléiert Opschlësselung vun de finanziellen Ausgabe fir d'Ëmsetzung vum Plang.

**4. Sinn d'Resultater vun den/der Evaluatioun(en) ganz oder deelweis ëffentlech zougänglech? Falls jo: Wou? Falls nee: Firwat net?**

Wëll déi lescht Validatiounen nach ausstinn, sinn d'Resultater nach net ëffentlech zougänglech. Soubal d'Evaluatioun integral virläit, wäert de Ministère matt allen implizéierten Acteuren d'Konklusiounen diskutéieren an des och der Ëffentlechkeet zougänglech maachen.

**5. Wéi eng Projeten/Mesuren wäerten 2024 am Kader vum Plan d'action national pour la promotion des droits des personnes LGBTIQ ëmgesat oder ënnerstëtzt ginn? Kann d'Regierung scho soen, wéi eng Gelder 2024 konkret an d'Ëmsetzung vum Plan d'action national pour la promotion des droits des personnes LGBTIQ sollen investéiert ginn an u wien se wäerte goen?**

Op Basis vun der Tëschenevaluatioun wäerte mir kucken, wéi mir den Aktiounsplang an eis gemeinsam Politik kënnen upassen, fir an de nächste Jore weider Fortschrëtt an alle Beräicher ze maachen. Hei brauche mir den Engagement vun der ganzer Regierung a mir wäerten och op eng weider Zesummenaarbecht mat der Zivilgesellschaft bauen.

Lëtzebuerg, den 10. Januar 2024

D'Ministesch fir Gläichstellung an Diversitéit

(s.) Yuriko Backes